ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI

Groupe parlementaire

Här Mars di Bartolomeo

President vun der Deputéiertechamber

19, um Krautmaart

L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 12. Januar 2016

Här President,

Sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Madame Ëmweltminister weiderzeleeden:

No bei der Sidec um Fridhaff (Diekirch) soll eng „Zone d'activités économiques" implantéiert ginn. Nunn ass awer gewosst, dat viru Joere bei deem Terrain vun der Sidec Kalwer op d'Welt koumen, déi eng Mëssbildung haten. Eng parlamentaresch Fro aus dem Joer 2002 (Nr 1737), wat d'Autopsieë betrëfft, ass bis haut onbeäntwert bliwwen. Parlamentaresch Froë vun 2008 (Nr. 2261 a 2514) hunn e gesondheetleche Risiko bei der Sidec nët ganz ausgeschloss.

An dësem Kontext géif ech gären dës Froen un d'Madame Minister riichten:

1. Goufen am Bereich vun der Ëmwelt weider Etudë gemach iwwer d'Auswierkunge vun der Sidec op d'Gesondheet an direkter Noperschaft?
2. Wa jo, wat sinn d'Resultater vun dëser Etude?
3. Wa nee, ass d'Regierung bereet, fir an dësem Beräich eng Etude an déi Richtung an Obtrag ze ginn, well et wär jo fir d'Gesondheet vun de Mënschen, déi hei sollen an Zukunft an enger „Zone d'activités économiques" schaffen, vun immenser Wichtegkeet?

Mat déiwem Respekt,

Gast Gibéryen
Deputéierten